ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2020

Betrëfft: **QP Deplacementer an d'Ausland während dem Confinement**

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Schoulminister, den Här Aarbechtsminister an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An deene leschten Deeg koum, iwwer verschidde Medien, d'Informatioun, datt vill Residenten d'Zäit vum Confinement zum Deel am Ausland verbruecht hunn. Vill vun deene Leit sinn an deene leschten Deeg zeréck op Lëtzebuerg komm, och am Kontext vun deene rezenten Ännerunge vun de Confinementsreegelen.

An dem Zesummenhank wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi stellt d'Regierung sech zu dësem Phänomen? Ka si dat confirméieren? Wousst si doriwwer Bescheed, datt trotz dem Confinement eng grouss Zuel vu Persounen an d'Ausland gereest sinn? Wa jo, wéi huet si reagéiert?
2. An engem Artikel vum 23. Abrël 2020 am „Paperjam" gëtt d'Direction de la santé mat dësen Aussoen zitéiert: **„Si la Direction de la santé a constaté que, en vue de la reprise du travail dans le secteur de la construction, un certain nombre de résidents étaient revenus du Portugal ces derniers jours, elle estime que cela ne représente pas de risque particulier. Mais rappelle qu'il faut éviter de voyager."**
   Wéi ass d'rechtlech Positioun vun der Regierung zu dëser Fro, besonnesch am Hibléck op den Artikel 1 vum Règlement grand-ducal vum 18. Mäerz 2020? Et gëtt jo eng Egalitéit vun de Leit virum Gesetz. Däerf also all Bierger onbeschränkt an d'Ausland reesen? Ass den zitéierten Artikel 1 (**„Art. 1er. La circulation sur la voie publique de toute personne physique est interdite, sauf pour les activités suivantes : (…)"**) also eng allgemeng Obligatioun oder eng „Recommandatioun"?

3. Weider seet d'Direction de la Santé : ***„Nous sommes un pays ouvert, qui n'a jamais fermé ses frontières. Au début de l'épidémie, il y avait des zones à risque et quand des gens en revenaient, ils étaient particulièrement surveillés ou même mis en quarantaine. Cela ne peut plus être appliqué maintenant. Le virus est partout en Europe et probablement que le risque n'est pas beaucoup plus élevé au Portugal qu'au Luxembourg."***

   Deelt d'Regierung dës Ausso ? Si Reesen an Europa also well allgemeng erlaabt, well de Virus jo „iwwerall an Europa ass"? Wat heescht fir d'Regierung *„le risque n'est pas beaucoup plus élevé au Portugal qu'au Luxembourg."* ? A wéi eng Konsequenzen huet esou eng Relativiséierung op d'Confinements- an d'Hygiènevirschrëften hei zu Lëtzebuerg ?

4. Wann eenzel Persounen, déi an d'Ausland gereest sinn, den Autoritéite mat Numm bekannt sinn, ginn dës Persounen da wéinst dem Verstouss géint d'Confinementsreegele protokolléiert? Gesäit d'Regierung hei d'Noutwennegkeet vun enger Gläichbehandlung vun alle Bierger virum Gesetz? Ginn déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg protokolléiert goufen, well si op der „voie publique" zirkuléiert sinn, ouni de Conditioune vum Artikel 1 vum RGD vum 18. März 2020 ze entspriechen, elo vum Staat rembourséiert?

5. Wéi eng eventuell Auswierkungen hunn esou Déplacementer, dei jo kloer net am Intérêt vum Beruff oder soss enger Noutwennegkeet waren, op d'Allocatioun vum „chômage partiel"? Misst de Salarié zu där Zäit fir déi de „chômage partiel" ugefroot ass, oder bezuelt gëtt, net à disposition vum Employeur sinn?

6. Wéi vill Kanner ware vun esou Deplacementer an d'Ausland betraff, déi da weder vu Lëtzebuerg aus nach aus dem Ausland um „home schooling" deelgeholl hunn? Hunn d'Elteren do géint d'Schoulflicht vun hire Kanner verstouss? Si Sanktioune virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten